ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Mamer, den 12. Februar 2021

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un d'Madamm Bannenministesch weiderzeleeden.

D'Sproochen, déi am ëffentleche Raum benotzt ginn, verrode vill iwwer d'Gesellschaft. Zu Lëtzebuerg hu mir eng ganz speziell Sproochesituatioun. Ville Leit ass net bewosst, datt et just eng Nationalsprooch, nämlech Lëtzebuergesch, hei gëtt, an datt Franséisch an Däitsch "just" Verwaltungssprooche sinn. Trotzdeem ass déi franséisch Sprooch dominant, wann et ëm Stroossennimm a Strooseschëlter geet. Déi meescht Stroossennimm sinn op Franséisch, a bei zweesproochege Schëlter ass dat lëtzebuergescht Wuert meeschtens dem franséischen ënnergeuerdent. Zu Lëtzebuerg entscheeden d'Gemengen iwwert d'Sprooch vun de Stroossennimm.

An deem Kontext wollt ech eng Réi Froen un d'Madamm Banneministesch riichten:

1. Wéi vill Stroossen (mat Nimm) gëtt et zu Lëtzebuerg?
2. Wat fir Sprooche gi bei den Nimm benotzt?
3. Wéi vill offiziell Stroossennimm si jeeweils op Lëtzebuergesch, Franséisch an Däitsch?
4. Verschidde Gemengen hunn zweesproocheg Strooseschëlter, zum Beispill Kielen (Franséisch-Lëtzebuergesch) oder Esch (bei enger Rei Schëlter: Franséisch-Däitsch). Wéi een Numm ass an dëse Fäll deen offiziellen?
5. Wien entscheet dat?
6. Ass et och méiglech enger Strooss zwee offiziell Nimm ze ginn, also an zwou verschiddene Sproochen?
7. Wéi beurteelt d'Madamm Ministesch d'Benotze vun de Sprooche bei de Stroossennimm?
8. Ass d'Madamm Ministesch, wat d'Strooseschëlter ugeet, éischter fir Eesproochegkeet oder fir Méisproochegkeet?

Mat déiwem Respekt,



Fred Keup
Deputéierten

ADR – Groupe parlementaire 25, rue Notre-Dame L-2240 Luxembourg Tel. : (+ 352) 463742